N°3208
Entrée le 17.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°3208 vum 19. November 2025 vum honorabelen Deputéierte Charles Weiler.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert de Bau vun engem neien Internat fir d'Hotelsschoul (E.H.T.L).

*Kann d'Madamm Ministesch präziséieren, wou de Projet vum neien Internat vum EHTL aktuell drun ass?*

Den Avant-projet détaillé vum Projet ass ofgeschloss an aktuell ginn déi néideg Geneemegungsdossieren preparéiert.

*Kann d'Madamm Ministesch matdeelen, wéini d'Aarbechten un dësem Bau ufänken a wéini mat engem Ofschloss ze rechnen ass?*

No der Elaboratioun vun den Exekutiounspläng, an der Receptioun vun der Baugeneemegung, kënnen d'Ausschreiwunge lancéiert ginn. Den Ufank vun den Aarbechten ass am Moment fir Mëtt 2027 geplangt an d'Mise en service ass fir Enn 2029 programméiert.

*Kann d'Madamm Ministesch soen, wéini d'Renovatiouns- respektiv Sanéierungsaarbechten op deem Site wäerten ugoen?*

Den Neibau vum Internat, deen um Site vun der aktueller École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg (E.H.T.L.) realiséiert gëtt, muss vollstänneg fäerdeggestallt ginn, éier mat de geplangte Renovatiounsaarbechten um Haaptgebai vun der E.H.T.L. kann ugefaange ginn.

Dëst ass drop zeréckzeféieren, dass d'Plazverhältnisser um Site et net erlaben, zwee gréisser Chantiere parallel ze bedreiwen. Dat bedeit, dass déi Aarbechte fréistens Ufank 2030 kënnen ufänken.

*Kann d'Madamm Ministesch matdeelen, ob dës Aarbechten en Afloss op de Schoulbetrib wäerten hunn?*

Opgrond vun de jëtzegen an den zukünftegen Obligatiounen a Saache Klimaschutz muss d'Gebai energeetesch sanéiert ginn, dat notamment um Niveau vun der Enveloppe, wéi och vun der Technik. Des weidere muss och eng Mise en conformité vum ganze Gebai gemaach ginn an ofhängeg vun der zukünfteger Notzung wäerten eventuell och divers Ëm- an Ausbauaarbechten néideg sinn.

Well nach keng Etude de faisabilité realiséiert ginn ass, ass et zu dësem Zäitpunkt verfréit eng präzis Ausso iwwert den Oflaf vun den Aarbechten an en eventuellen Afloss op de Schoulbetrib ze ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

*Kann d'Madamm Ministesch präziséieren, wéi laang dës Aarbechte solle daueren?*

Opgrond vun den an der Äntwert 4  beschriwwenen Contraintë, kann zu dësem Zäitpunkt nach keen Delai genannt ginn.

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes